

## Evangelium vum 7. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)

### Mt 5,38-48

38 De Jesus sot zu senge Jünger:

"Dir hutt héieren,  
datt gesot ginn ass:

*A fir A, an Zant fir Zant.*

39 Ech awer soen iech:

Leescht deem Béise kee Widderstand!

Am Géigendeel:

Wann een dir eng op dee rietse Bak gëtt,  
dann hal him och deen aneren duer!

40 A wann een dir de Prozess maachen

an däin Hiem huele wëllt,  
da looss him och de Mantel!

41 A wann een dech zwéngt,

eng Meil mat him ze goen,  
da géi der zwou mat him!

42 A wann een dech fir eppes freet,

da géff him et,  
a wann een eppes vun dir léine wëllt,  
dann dréi him net de Réck!

43 Dir hutt héieren,

datt gesot ginn ass:

Du solls däin Nächste gär hunn,  
an du solls däi Feind haassen!

44 Ech awer soen iech: Hutt är Feinde gär

a biet fir déi, déi iech verfollegen,

45 fir datt dir Kanner vun ärem Papp am Himmel gitt!

Hie léisst nämlech seng Sonn opgoen iwver deene Béise  
grad ewéi iwver deene Gudden,  
an hie léisst et reenen op déi Gerecht

grad ewéi op déi Ongerecht.

<sup>46</sup> Wann dir nëmmen déi gär hutt, déi iech gär hunn,  
wat fir e Loun sollt dir duerfir kréien?  
Maachen net och d'Steierandreiwer dat?

<sup>47</sup> A wann dir nëmmen är Gesëschter gréisst,  
wat maacht dir dann Extraes?  
Maachen net och d'Heeden dat?

<sup>48</sup> Dir sollt also vollkomme sinn,  
esou wéi äre Papp am Himmel vollkommen ass."

---

<sup>i</sup> Ex 21,24; Lev 24,20; Dtn 19,21.